

## **Gemeng Rammerich**

### **Gemengerotssätzung vum 20. Mee 2021**

Dagesuerdnung:

- 1. Deliberatioun iwwer de Restantenetat fir d'Joer 2020.**
- 2. Deliberatioun iwwer d'Opdeelee vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.**
- 3. Deliberatioun iwwer d'definitiv Geneemegung vun der punktueller Ännerung vum Deelbebauungsplang PAP « quartier existant » am Zentrum vu Rammerich (Rue Principale-Rue du Brill).**
- 4. Deliberatioun iwwer d'definitiv Geneemigung vun der punktueller Ännerung vum kommunale Bebauungsplang (PAG) an der Rue Principale zu Rammerich.**
- 5. Deliberatioun iwwer den Avis zum nationale Plang fir d'Reorganisatioun vun de Rettungsdéngschter (PNOS).**
- 6. Deliberatioun iwwer d'Demande fir e Spezialkredit am Budget vun den uerdentlechen Ausgabe vun der Gemeng Rammerich fir de lafenden Exercice : redigéiere vun de Rapporte vun den Gemengerotssitzungen.**
- 7. Deliberatioun iwwer d'Demande fir en zousätzleche Kredit zum Artikel 4/430/221313/21002 « Projet LEADER Éislek : Qualitéitswanderregioun Éislek » vum Budget vun den ausseruerdentlechen Ausgabe vun der Gemeng Rammerich fir de lafenden Exercice : Ausscheldere vun de Weeër.**
- 8. Deliberatioun iwwer en Avis vum Gemengerot am Hibléck op de Klassement als nationaalt Monument vun zwee Gebaier um Territoire vun der Gemeng.**
- 9. Deliberatioun fir d'Geneemigung vum Kafakt fir eng Parzell an der Forêt indivise d'Anlier.**
- 10. Deliberatioun fir d'Geneemigung vu verschiddenen Notairesakten.**
- 11. Deliberatioun fir d'Geneemigung vun engem Vertrag fir eng Juegdpacht.**
- 12. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vun enger Konventioun tëscht OS Care, dem Office social vum Kanton Réiden, fir d'Joer 2021.**

- 13. Deliberatioun iwwer d'Benennung vun der Strooss, déi duerch déi nei geschafene Industriezon zu Flatzbuer féiert.**
- 14. Deliberatioun iwwer d'Attributioun vun verschiddenen ausseruerdentleche Subsidien.**
- 15. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngleche Verkéiersreglementer.**
- 16. Äntwerten op Froen u de Buergermeeschter- a Schäfferot.**
- 17. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vu Recetten.**
- 18. Sëtzung ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet : Deliberatioun iwwer d'Propositioun fir eng Reaffektatioun vu Kandidaten op d'Lëscht 1 vun de fräie Schoulmeeschteschposten an der Grondschoul, déi vum Ministère fir Erzéiung, Kandheet an Jugend verëffentlecht gouf.**

#### **Un der Sëtzung huelen deel:**

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Sascha Hengen (LSAP), Myriam Picard (LSAP), Patrick Schuller (LSAP, vum Punkt 6 un), Sonja Kettmann (CSV), Fränk Melchior (CSV), Romain Rausch (DP), Pierre Pletschette (CSV), Michèle Brickler (DP).

Marc Pletgen, Gemengesekretär, a Paul Melsen, Receveur.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) begréisst d'Schäffen an d'Conseillere zu der Gemengerotssëtzung. Fir d'éischt mat dobäi ass d'Conseillère Michelle Brickler (DP). Dann deelt den Här Rodesch mat, datt déi nächst Gemengerotssëtzungen den 17. Juni an de 15. Juli sin. Duerno ass Summerpau bis September.

#### **1. Deliberatioun iwwer de Restantenetat fir d'Joer 2020.**

Duerno huet den Här Rodesch d'Wuert un de Receveur Paul Melsen iwwerginn, deen de Restantenetat fir 2020 presentéiert huet. Et goufen Rechnungen fir am ganzen 159 930,41 Euro nach net bezuelt. Den Här Melsen freet de Gemengerot eng Decharge fir eng Gesamtzomm vun 90,20 Euro.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) fënnt, datt verschidden Awunner sech nawell gutt Zäit loossen, fir der Gemeng Rechnungen ze bezuelen. Si stellt fest, datt alt mol zwee bis dräi Rappelle verschéckt musse ginn, bis d'Leit bezuelen.

Den Restantenetat gouf eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

## **2. Deliberatioun iwver d'Opdeele vun verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.**

Den Buergermeeschter Antoine Rodesch deelt mat, datt aktuell kee Projet fir d'Opdeele vu Parzelle beim Service technique eragereecht gouf.

## **3. Deliberatioun iwver d'definitiv Geneemegung vun der punktueller Ännerung vum Deelbebauungsplang PAP « quartier existant » am Zentrum vu Rammerich (Rue Principale-Rue du Brill).**

Den Buergermeeschter erënnert drun, datt d'Ännerung vun deem PAP schonn an enger viregter Gemengerotssitzung provisoersch guttgeheescht gi war an datt de Projet elo an engem zweete Vott definitiv ugeholl gëtt. Den PAP gouf eestëmmeg ugeholl.

## **4. Deliberatioun iwver d'definitiv Geneemegung vun der punktueller Ännerung vum kommunale Bauungsplang (PAG) an der Rue Principale zu Rammerich.**

A sengem Avis proposéiert d'Commission d'aménagement fir nëmmen 23 Logementer pro Hektar festzעהalen an keng 30, esou wéi et am Projet viergesin ass. Den Antoine Rodesch weist drophin, datt de Bureau d'études virgeschloen huet, déi am Projet vermierkten 30 Unitéiten bäizebehalen. Dat géif eng méi dicht Bebauung erlaben. Et gouf keng Objéktiounen méi zu deem PAP, sou datt de Gemengerot en eestëmmeg ugeholl huet.

## **5. Deliberatioun iwver den Avis zum nationale Plang fir d'Reorganisatioun vun de Rettungsdéngschter (PNOS).**

De Buergermeeschter Antoine Rodesch proposéiert, fier sich op den Avis vum Gemengesyndikat Syvicol ze baséieren. Dora géing et nit nëmmen ëm d'Onkäschte goen, déi e bëssen héich gi wieren. Et wär nit dee beschten Zäitpunkt gewiescht, fir esou e Projet ze lancéieren, mengt den Här Rodesch. Déi Fräiwëlleg solle vu professionnelle Rettungsleit gehollef kréien. Hie géif sech awer froen, ob eng streng Hierarchie gutt wier.

Et wier kloer, datt d'Reorganisatioun eppes kaschte géing, mee hie wier der Meenung datt een dee Käschtepunkt iwwerdenke sollt, sou den Här Rodesch.

D'LSAP-Conseillère Myriam Picard huet gemengt, et misst ee sich froen ob deen Undeel vum uerdentleche Budget, dee fir d'Rettungsdéngschter ausgi gëtt, et der Gemeng derwäert ass. Déi Reorganisatioun hätt der Bevëlkerung jo awer eppes bruecht. Laut dem Buergermeeschter wäere schonn déi fräiwëlleg Rettungskräften ëmmer gutt ausgebild gewiescht. Als fréiere Member vun de Rettungsdéngschter huet de Conseiller Romain Rausch kritiséiert, datt no der Reform eng ganz Rei vu Formatiounen nit méi unerkannt gi wieren. Formatioune wäere wichteg, mee de CGDIS géif elo d'Rad nit nei erfannen. De Conseiller Sascha Hengen an d'Schäffin Myriam Binck waren der Meenung, datt een déi Jugendlech bei de Rettungsdéngschter méi ënnerstëtze sollt.

Den Avis gouf majoritär a mat de Géigestëmme vun deenen zwee LSAP-Conseillere Sascha Hengen a Myriam Picard ugeholl.

#### **6. Deliberatioun iwver d'Demande fir e Spezialkredit am Budget vun den uerdentlechen Ausgabe vun der Gemeng Rammerich fir de lafenden Exercice : redigéiere vun de Rapporte vun den Gemengerotssitzungen.**

Well dofir am Budget vun den uerdentlechen Ausgabe keng Sue virgesi waren, huet de Schäfferot proposéiert, bei der „Autorité supérieure“ d'Autorisatioun unzufroe fir dee Spezialkredit vun 15.000 Euro vum Boni général ofzezweigen.

Fir d'Myriam Picard hätten d'Bierger eng besser Informatioun verdéngt. D'LSAP-Conseillère wollt awer wëssen, ob nach en aneren Devis ugefrot gi wier. Déi Fro huet den Buergermeeschter mat „Neen“ beäntwert.

Den Conseiller Sascha Hengen huet de Buergermeeschter gefrot, ob schon an d'Ae gefaasst gi wär, fir d'Gemengerotssitzungen an engem Live-Stream z'iwwerdroen. Den Här Rodesch huet geäntwert, datt een dat nit gemaach hätt.

De Spezialkredit gouf majoritär ugeholl. D'Conseillere Picard, Schuller an Hengen hu sech enthalen.

**7. Deliberatioun iwver d'Demande fir en zousätzleche Kredit zum Artikel 4/430/221313/21002 « Projet LEADER Éislek : Qualitéitswanderregioun Éislek » vum Budget vun den ausseruerdentlechen Ausgabe vun der Gemeng Rammerich fir de lafenden Exercice : Ausscheldere vun de Weeër.**

Am Kader vum Projet „Qualitéitswanderregioun Éislek“ huet d’Gemeng Rammerich vum ORT Éislek eng Rechnung vun 5 946,79 Euro kritt. De Buergermeeschter weist drophin datt dofir am Budget keng Sue virgesi waren an dofir een Zousatzkredit vu 6000 Euro votéiert muss ginn.

Dee Kredit gëtt eestëmmeg accordéiert.

**8. Deliberatioun iwver en Avis vum Gemengerot am Hibleck op de Klassement als nationaalt Monument vun zwee Gebaier um Territoire vun der Gemeng.**

Op Ufro vun de Propriétaire sollen e Bauerenhaff op Nummer 3 an der Rue de Martelange zu Wolwelage an e Bauerenhaff op Nummer 29 an der Rue Principale zu Holtz als nationaalt Monument klasséiert ginn. D’Conseillère Myriam Picard fënnt, datt esou Initiative vu Propriétairesen ze begréisze sinn.

Den Avis fir d’Klasséierung gëtt eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

**9. Deliberatioun fir d’Geneemegung vum Kafakt fir eng Parzell an der Forêt indivise d’Anlier.**

Am Kader vum Schutz vu sengen Drénkwaasserquelle keeft d’Gemeng vu Léglise (B) den Undeel un enger Parzell vun 79 Ar 95 Centiar vun deenen aanere Gemengen af, déi un der Forêt Indivise d’Anlier bedeelegt sin, dorënner d’Gemeng Rammerich.

Den entspreichende Kafakt gouf eestëmmeg ugeholl.

**10. Deliberatioun fir d’Geneemegung vu verschiddenen Notairesakten.**

Och eestëmmeg gutgeheescht goufen dräi Cessions gratuites vun Terrainën.

### **11. Deliberatioun fir d'Geneemegung vun engem Vertrag fir eng Juegdpacht.**

D'Gemeng Rammerich verpacht d'Juegd an hire Bëscher op de lieu-ditën „Kiltgen“, „Merzelt“, „Horkigt“, „Summerheidt“ an „auf der Froehn“ um Gebitt vun der Gemeng Maartel (B) un dräi Jeeër fir 2 500 Euro d'Joer.

Den entsprechende Vertrag gouf eestëmmeg ugeholl.

### **12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun enger Konventioun mat OS Care, dem Office social vum Kanton Réiden, fir d'Joer 2021.**

Weider huet de Gemengerot och d'Konventioun mam Office social vum Kanton Réide fir 2021 ouni Géigestëmm an Enthaalung ugeholl.

### **13. Deliberatioun iwwer d'Benennung vun der Strooss, déi duerch déi nei geschafenen Industriezon zu Flatzbuer féiert.**

An der Industriezon zu Flatzbuer soll eng Strooss dem Virschlag vum Buergermeeschter Antoine Rodesch no den Numm „Zone industrielle Flatzbour“ kréien. Doropshin hunn d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) a Sonja Kettmann (CSV) gefroot virwat keen Numm vun enger Fra, déi sech ëm d'Gemeng verdéngt gemach huet, erausgesicht gouf.

An deem Kontext huet ë.a. de Buergermeeschter gemengt, dat een net dës Strooss sollt no enger Fra benennen. Allerdéngs sollt sech de Gemengerot Gedanken iwwert Nimm vu bedeitende Frae machen, no deenen dann an Zukunft aner nei Stroosse benannt kéinte ginn.

Duerno ass den Numm „Zone industrielle Flatzbour“ eestëmmeg fir d'Strooss an der Industriezon ugeholl ginn.

### **14. Deliberatioun iwwer d'Attributioun vu verschiddenen ausseruerdentleche Subsiden.**

Gutgeheescht goufen och Subside vun all Kéier 250 Euro fir de Beieveräin vu Réiden/Attert an d'Sécurité routière. Da kritt d'Amicale vum CISRA (centre d'incendie et de secours Rambrouch) en ausseruerdentleche Subsid vun 4 331,90 Euro. Déi Zomm ass beim Verkaf vu fënnef Gefierer zesummen komm. Laut dem Buergermeeschter wäeren déi Gefierer op d'Gemeng ugemelt gewiescht an hunn also vun der Gemeng misse

verkaaft ginn. An dësem Zesammenhang hunn d'LSAP-Conseillerë Patrick Schuller a Myriam Picard bedauert, datt am Virfeld net ëffentlech matgedeelt gouf, datt déi Gefierer verkaaft géife ginn. Wär dat de Fall gewiescht, dann hätten nach méi Suen erakomme kéinten, déi dann un d'Amicale weidergeleet hätte kéinte ginn. D'Madamm Picard huet dann och drop higewisen, datt am Moment 38 Jugendlecher an de Pompjeeë sinn.

#### **15. Deliberatioun iwwer d'Geneemigung vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngleche Verkéiersreglementer.**

D'Verkéiersreglementer sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

#### **16. Äntwerten op Froen un Buergermeeschter- a Schäfferot.**

D'LSAP-Conseillere froen, wéi momentan den Update betreffend d'Iwwerhuele vun der Maison relais duerch d'Firma Arcus ausgesäit. Den Här Rodesch äntwert, datt déi eenzel Avisë virleien. Déi missten lo nach verbessert ginn an dem Innenministère virgeluecht ginn. Hie géif hoffen, datt de Gemengerot sech an der nächster Sëtzung domat befasse kéint.

Am Kader vum zukünftige Pacte logement 2.0 freet d'LSAP op de Schäfferot drun interesséiert ass, fir dem Pacte logement 2.0 per „convention initiale“ nach virum 31.12.2021 bäizetrieden an ob de Schäfferot bereet ass, eng „Commission consultative Logement“ ze schafen. De Buergermeeschter äntwert, datt de Schäfferot do nach keng direkt Äntwert drop gi kann.

Och wëllen d'LSAP-Conseillere wëssen, ob am Zesammenhang mat hirer Fro am Gemengerot vum 16. Dezember 2018 betreffend d'Bedeeligung vun der Gemeng Rammerich um Krematorium zu Hamm schon emol nogefrot gouf a wéi de Schäfferot zu esou engem Bäitritt steet. De Buergermeeschter äntwert, datt een an deem Dossier nach net weiderkomm wär.

D'LSAP freet wéivill Informatikmaterial d'Schoulkanner an der Kietscher Schoul an deene leschten dräi Joer zur Verfügung gestallt kruten. Dorop äntwert den Här Rodesch, datt rezent nach 32 iPaden bestallt gi sinn.

**17. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu Recetten.**

**18. Ënnert Ausschloss vun der Ëffentlechkeet : Deliberatioun iwwert d'Propositioun fir eng Reaffektatioun vu Kandidaten op d'Lëscht 1 vun de fräie Schoulmeeschteschposten an der Grondschoul, déi vum Ministère fir Erzéiung, Kandheet an Jugend verëffentlecht gouf.**